Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°4921

Compétences linguistiques des formateurs du cours « Vivre ensemble »

Déposée par: *Keup Fred, Schoos Alexandra*
Adressée à: *Thill Eric, Ministre de la Culture; Meisch Claude, Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
Déclarée recevable le: *14.10.2026*
Date limite de réponse: *13.11.2026*

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister an den Här Kulturminister weiderzeleeden.

De Certificat „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg" spillt eng wichteg Roll am Kontext vun der Acquisitioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit. An de Coursen, déi ee besiche muss, fir dëse Certificat ze kréien, ginn ënner anerem d'Grondrechter, déi staatlech a kommunal Institutioune vum Land, d'Geschicht vu Lëtzebuerg an d'europäesch Integratioun behandelt.

Den Educatiounsministère huet am Hibléck op dës Coursen de 15. August 2026 en neien Appel à candidatures fir Formateure publizéiert:

https://men.public.lu/fr/actualites/avis-officiels/2026/appel-candidatures-formateurs.html

Wann een d'Qualifikatioune liest, déi dës Formateure mussen hunn, fält engem op, dass ënner anerem en Héichschouldiplom am Droit, an de Sciences politiques, de Sciences économiques, an der Geschicht oder engem vergläichbare Beräich, gutt Kenntnisser vun de vermëttelte Matièren an idealerweis pedagogesch Erfarung verlaangt ginn. Bei de Sprooche steet allerdéngs ausdrécklech: „langues véhiculaires des cours : FR / DE / EN selon les besoins du service".

D'Beherrsche vun der Lëtzebuerger Sprooch gëtt an der Ausschreiwung net als Qualifikatiounskrittär genannt. Et ass awer sou, datt ee bei der Vermëttlung vun deenen uewe genannten Inhalter zwangsleefeg och mat Lëtzebuerger Uertsnimm, historeschen an institutionelle Begréffer, typeschen Ausdréck, Riedewendungen, kulturelle Referenzen an anere landesspezifeschen Elementer a Kontakt kënnt. Eng Kenntnis vun der Lëtzebuerger Sprooch wier dofir vu Virdeel, fir dës Inhalter iwwerzeegend a kompetent vermëttelen ze kënnen.

Dobäi kënnt, datt déi Leit, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit iwwer Naturalisatioun wëllen erwerben, separat och Lëtzebuergesch-Kenntnisser noweise mussen. Vill Participante vun dëse Coursë bereede sech also parallel op de Sproochentest vir oder versichen hir Lëtzebuergesch-Kenntnisser ze verbesseren. Et wier fir si duerchaus e konkrete Méiwäert, wann och am „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg"-Cours ëmmer erëm Lëtzebuerger Begréffer, Ausdréck oder kuerz Erklärungen op Lëtzebuergesch kéinte vermëttelt ginn.

Informatiounen no, déi eis virleien, ginn aktuell och Persounen als Formateuren an dëse Coursen agesat, déi d'Lëtzebuerger Sprooch net op engem Niveau beherrschen, deen et hinnen erlabe géif, sech doranner funktionell a sécher auszedrécken.

An deem Zesummenhang hu mir follgend Froen un d'Regierung:

1) Kann d'Regierung erklären, firwat de Staat op där enger Säit vun zukünftege Lëtzebuerger Staatsbierger Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch verlaangt, op där anerer Säit awer bei de Formateuren, déi hinnen eist Land, seng Institutiounen a seng Gesellschaft méi no brénge sollen, keng Kenntnis vun därselwechter Sprooch viraussetzt?

2) Gëtt aktuell e Mindestniveau am Lëtzebuergesche vun de Formateure vum Cours „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg" verlaangt? Wa jo, wéi en Niveau a wéi gëtt dëse kontrolléiert? Wann nee: Aus wéi enge Grënn hält d'Regierung d'Beherrsche vun der Nationalsprooch an dësem Kontext net fir néideg?

3) Firwat nennt den Appel à candidatures vum 15. August 2026 als „langues véhiculaires" Franséisch, Däitsch an Englesch, ouni gläichzäiteg eng Mindestkenntnis vum Lëtzebuergeschen als Qualifikatiounskrittär fir d'Formateure virzegesinn?

4) Wéi gëtt séchergestallt, datt d'Formateuren och Lëtzebuerg-spezifesch Begréffer, Uertsnimm, institutionell Bezeechnungen, kulturell Referenzen an aner Elementer, déi enk mat der Lëtzebuerger Sprooch verbonne sinn, korrekt a kompetent vermëttele kënnen?

5) Wéi vill vun den aktuell agesate Formateure verfügen iwwer nogewise Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch, a wéi vill verfügen iwwer keen offiziell nogewisene Sproochenniveau?

6) Kann d'Regierung confirméieren, datt Formateuren agesat ginn, déi net iwwer Basiskenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch verfügen? Falls jo, wéi bewäert d'Regierung dat am Hibléck op den Inhalt an d'Zilsetzung vun de Coursen?

7) Gesäit d'Regierung vir, bei zukünftegen Ausschreiwungen eng adäquat Kenntnis vun der Lëtzebuerger Sprooch als Mindestqualifikatioun fir d'Formateure festzeleeën?

Mat beschte Gréiss

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4921 vun den honorabelen Deputéierten Alexandra Schoos a Fred Keup

1) **Kann d'Regierung erklären, firwat de Staat op där enger Säit vun zukünftege Lëtzebuerger Staatsbierger Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch verlaangt, op där anerer Säit awer bei de Formateuren, déi hinnen eist Land, seng Institutiounen a seng Gesellschaft méi no brénge sollen, keng Kenntnis vun därselwechter Sprooch viraussetzt?**
2) **Gëtt aktuell e Mindestniveau am Lëtzebuergesche vun de Formateure vum Cours „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg" verlaangt? Wa jo, wéi en Niveau a wéi gëtt dëse kontrolléiert? Wann nee: Aus wéi enge Grënn hält d'Regierung d'Beherrsche vun der Nationalsprooch an dësem Kontext net fir néideg?**
3) **Firwat nennt den Appel à candidatures vum 15. August 2026 als „langues véhiculaires" Franséisch, Däitsch an Englesch, ouni gläichzäiteg eng Mindestkenntnis vum Lëtzebuergeschen als Qualifikatiounskrittär fir d'Formateure virzegesinn?**
4) **Wéi gëtt séchergestallt, datt d'Formateuren och Lëtzebuerg-spezifesch Begréffer, Uertsnimm, institutionell Bezeechnungen, kulturell Referenzen an aner Elementer, déi enk mat der Lëtzebuerger Sprooch verbonne sinn, korrekt a kompetent vermëttele kënnen?**
5) **Wéi vill vun den aktuell agesate Formateure verfügen iwwer nogewise Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch, a wéi vill verfügen iwwer keen offiziell nogewisene Sproochenniveau?**
6) **Kann d'Regierung confirméieren, datt Formateuren agesat ginn, déi net iwwer Basiskenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch verfügen? Falls jo, wéi bewäert d'Regierung dat am Hibléck op den Inhalt an d'Zilsetzung vun de Coursen?**
7) **Gesäit d'Regierung vir, bei zukünftegen Ausschreiwungen eng adäquat Kenntnis vun der Lëtzebuerger Sprooch als Mindestqualifikatioun fir d'Formateure festzeleeën?**

D'Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit gesäit d'Kenntnisser am Lëtzebuergeschen an d'Participatioun um Cours *Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg* oder d'Bestoe vum Examen dozou als zwou separat Konditioune vir. De Sproochentest beim Institut national des langues Luxembourg (INLL) préift d'Lëtzebuergeschkenntnisser. A Coursen an Examen vum *Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg* geet et ëm d'Grondrechter, déi staatlech a kommunal Institutiounen, d'Geschicht vu Lëtzebuerg an d'europäesch Integratioun. D'Bestoe vum Sproochentest ass keng Viraussetzung, fir sech fir de Cours oder den Examen vum *Vivre ensemble* anzeschreiwen.

De Cours an den Examen ginn aktuell op Franséisch, Däitsch an Englesch ugebueden. De *Règlement grand-ducal du 7 avril 2017 concernant le cours et l'examen « Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg »* gesäit Franséisch, Däitsch, Lëtzebuergesch an Englesch als méiglech Sprooche vir. D'Offer u Coursen orientéiert sech un der Nofro. Am Schouljoer 2025/2026 goufen 49,7 % vun de Coursen op Englesch, 43,6 % op Franséisch a 6,7 % op Däitsch ugebueden. Aktuell gëtt keng Nofro no Coursen op Lëtzebuergesch festgestallt.

D’Ausschreiwung vum 15. August 2026 huet sech op de konkrete Besoin u Formateure fir Sessiounen op Franséisch, Däitsch an Englesch bezunn. De Recrutement ass mëttlerweil ofgeschloss. Deemools gouf besonnesch no Formateure gesicht, déi Coursen op Englesch hale konnten.

All Formateure schaffen no engem gemeinsame Programm. Lëtzebuergesch Uertsnimm, institutionell Bezeechnungen an Ausdréck kënnen am Cours an hirer Originalform genannt ginn. Si ginn an der Sprooch vum Cours erkläert.

D’Selektioun vun neie Formateuren besteet aus enger Présélection sur dossier, enger pedagogescher Mise en situation an engem Evaluatiounsgespréich. Am Dossier ginn d’Kenntnisser iwwer déi am Cours behandelte Sujeten berücksichtegt. An der Mise en situation an am Evaluatiounsgespréich ginn d’Fachkenntnisser, déi pedagogesch Kompetenzen an d’Beherrsche vun der Sprooch iwwerpréift, an där de Formateur seng Sessioune soll halen.

Eng offiziell Bestätegung vun de Sproochkenntnisser läit net vir. Am Oktober 2026 ware 24 Formateure fir *Vivre ensemble*-Coursen aktiv. 21 vun hinne schwätze fléissend Lëtzebuergesch, dat entsprécht 87,5 %. Déi meescht vun hinnen hu Lëtzebuergesch als Mammesprooch. Si halen hir Sessiounen an der jeeweileger Sprooch vum Cours. Am Cours kënnen d’Formateuren op Begréffer op Lëtzebuergesch agoen an dës an der Sprooch vun der Sessioun erklären.

D’Lëtzebuergeschkenntnisser si bei de Formateure wäit verbreet a kënnen d’Erklärung vu spezifesche Lëtzebuerger Begréffer a Referenzen ënnerstëtzen. Bei zukünftegen Ausschreiwungen riichten sech déi sproochlech Ufuerderunge weiderhin nom Besoin u Formateure fir déi jeeweileg Sproochen vun de Coursen.

Lëtzebuerg, den 13. November 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH